

financière vun dësem Projet de loi: Ronn 27,7 Milliounen, déi nach eng Kéier virgesi sinn, le cas échéant, wa se géife gebraucht ginn. Mee et gesäit een och an dësen Zäiten, dass se am Moment nach net esou staark wäerte sollicitéiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun dann elo ofgeschloss.

An da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8348. Den Text steet am Document parlementaire 8348<sup>5</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8348 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Fin du vote.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen an 2 Absten-tiounen. De Projet de loi ass also mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Enthaltungen ugeholl ginn.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori (par M. Sven Clement).*

*Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## **12. 8349 – Projet de loi portant modification des articles 6, 101 et 106 de la loi du 23 août 2023 portant sur la qualité des services pour personnes âgées**

An da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 8349 iwwert d'Qualitéit vun den Dénsgchter fir eeler Leit. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, all Fraktioun a Sensibilitéit fënnf Minutten an d'Regierung duerno zéng Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Nathalie Morgenthaler, d'Madamm Claire Delcourt, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Ben Polidori an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Mandy Minella. Madamm Minella, Dir hutt d'Wuert.

### **Rapport de la Commission de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil**

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zil vum Projet de loi 8349 ass et, d'Gesetz vum 23. August 2023 iwwert d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit punktuell ofzeänneren, éier dëst den 1. Mäerz a Kraaft tritt.

An deem Kader ass et dowéinst wichteg, dass och dëse Gesetzesprojet dës Woch nach gestëmmt gëtt an dann zäitgläich op den 1. Mäerz a Kraaft triede kann. Nëmmen esou kann e reibungsloost Ëmsetze vum Text um Terrain garantéiert ginn, ouni dass de Betrieb am Alldag an de Strukture perturbéiert gëtt.

Als Erënnerung: Mam Gesetz vum 23. August ass fir d'Wunnstrukture fir eeler Leit en neie Personalschlüssel agefuert ginn, fir eng optimal Betreierung ronderëm d'Auer ze garantéieren.

Domadder gëtt d'Unzuel u Fleegepersonal an de Strukture kloer an d'Luucht gesat par rapport zur Situatioun, wéi se aktuell ass, an dat och ronderëm d'Auer.

Et ass net just eng minimal Presenz vum engem Infirmier oder enger Infirmière an enger Persoun vum Betreierungspersonal während 24 Stonne 7 Deeg an der Woch virgesinn, mee et gëtt och verstärkt der Fleegebedierftegkeet vun de Residentë Rechnung gedroen.

De Minister hat et an der Kommissioun gesot, mam Personalschlüssel, wéi en initial am Gesetz virgesi war, wär e licht iwwert d'Zilerausgeschoss, soudass d'Resultat dozou gefouert hätt, dass dee Schlüssel d'Acteuren um Terrain viru Schwieregkeete gestallt hätt, wat d'Ëmsetzbarkeit betrëft.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt deem Rechnung gedroen an de Personalschlüssel ugepasst. Och wann d'Ufuerderungen also licht zrëckgeschrauft ginn, wäert awer an Zukunft méi Personal an de Strukture present sinn, wéi dat momentan de Fall ass, fir eng beschtméiglech Betreierung ze assuréieren.

An Zukunft wäerten d'Bestëmmunge follgendermoossen ausgesinn:

Zum enge muss, wéi gesot, zu all Moment eng Mindestpresenz assuréiert sinn, déi sech aus engem Infirmier respektiv enger Infirmière an enger Persoun vum Fleegepersonal zesummesetzt.

Zum anere musse fir all Tranche vu 60 Residenten, där hir Fleegebedierftegkeet tëschent 1 a 5 läit oder déi palliativ Soine kréien, eng zousätzlech Persoun vum Fleegepersonal present sinn.

Bei Residenten, deenen hir Fleegebedierftegkeet op d'mannst 6 ass oder driwwer läit, ass et eng zousätzlech Persoun vum Fleegepersonal pro Tranche vum 30 Residenten.

Fir de Gestionnairen eng gewësse Flexibilitéit ze ginn an der Fluctuatioun vu Residentë mat ënnerschiddleche Besoine Rechnung ze droen, ass donieft och virgesinn, dass déi verschidden Tranchë während maximal 90 Deeg ëm 10 % iwwerschratt kënnen ginn, ouni dass zousätzlech Fleegepersonal néideg ass.

Dës Reegelung gëtt dem Gestionnaire d'Méiglechkeet, sech mat senge Schichtpläng besser kënnen ze organiséieren, a léisst him genuch Zäit, fir zousätzlech Personal ze recrutéieren, wann dat néideg sollt sinn.

Här President, zum Schluss wëll ech nach kuerz op d'Aarbechten an der Kommissioun agoen. De Gesetzesprojet gouf den 22. Januar dëst Joer vum Famillje-minister deposéiert.

De 6. Februar huet de Staatsrot säin Avis erausginn, an deem e gréng Luucht fir de Gesetzesprojet ginn huet. Donieft hunn nach d'CNPd, d'Chambre de Commerce an d'COPAS en Avis verëffentlecht.

D'COPAS huet an hirem Avis dann och ausdrécklech begréisst, dass dës Adaptatioun gemaach gëtt; an huet op d'Noutwendegkeet dovun higewisen.

De Projet de loi gouf den 8. Februar an der Kommissioun virgestallt. D'Kommissioun huet mech och an der selwechter Sëtzung als Rapportrice genannt.

D'Familljekommissioun huet mäi schrëftleche Rapport an hirer Sëtzung vum 20. Februar ugeholl.

Dat gesot, soen ech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der DP-Fraktioun fir dëse Gesetzesprojet. Villmools merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Minella, fir Äre mëndlechen an Äre schrëftleche Rapport.

An déi éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Nathalie Morgenthaler. Madamm Morgenthaler.

### **Discussion générale**

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV) | Merci, Här President. Hei gëtt an engem Text nogebessert, deen eréischt am Juli d'lescht Joer mat 58 Jo-Stëmmen an zwou Enthaltungen ugeholl ginn ass. Dat heescht, souwuel de Minister wéi dëst Haus si gewëllt, zäitno nozebesseren, fir dass dës Ännerungen zäitgläich mam Gesetz vum 23. August 2023 den 1. Mäerz dëst Joer a Kraaft kënnen trieden.

Nieft klengen textuelle Verbesserunge gi virun allem ofgeännert Encadrementszuele festgehalen, Zuelen, déi vu muncher Säit scho bei der éischter Ofstëmmung als problematesch respektiv souguer deelweis als onrealisteschempfont gi sinn. Wéinst Personal-mangel hätten eventuell Leit vun der Dageschicht op d'Nuetsschicht missen ofgezu ginn.

Ee konkreet Beispill aus der Praxis: An enger Struktur, wou den Nuttsschlüssel bei fënnf Leit Personal geleeën hätt, ass d'Unzuel lo mat dësem Gesetz nëmmen nach bei véier. Dat klängt lo no enger klenger Ännerung, mee iwwert d'Joer gekuckt mécht dat awer ëmmerhin 2,3 ETP, also Équivalents temps plein, aus.

Mir sollten d'Ëmsetzung an d'Machbarkeit vun dësem ofgeännerten Text onbedéngt an Zukunft am A behalen: Fannen déi betrafte Strukturen dat néidegt Personal? Wéi kënnen mer d'Beruffsausbildung vum Fleegepersonal an d'Attraktivitéit vun deene Beruffer verbessern? Wéi sinn d'Auswirkungen op d'Pensionspräisser? Hëlt d'Qualitéit dann elo wierklech zou? Dat sinn nëmmen e puer Froen, déi sech an dësem Kontext stellen.

Dofir bleift d'Motioun, déi bei der éischter Ofstëmmung eestëmmeg ugeholl ginn ass, och weiderhin aktuell an et gëtt méi wéi jee wichteg, no dräi Joer e Bilan ze zéien.

Zum Ofschluss bleift mer nëmmen nach ze soen, dass d'CSV dëse Gesetzesentwurf natierlech begréisst a matdréit.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Morgenthaler. An dann ass et elo un der Madamm Claire Delcourt. Madamm Delcourt.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Madamm Minella hat elo schonn eng gutt Aféierung gemaach, also brauch ech net nach eng Kéier ze erklären, wat elo hei ëmgesat gëtt. Fir d'LSAP ass et fir d'éischt emol

ganz wichtig hei ze soen, dass mer mat der Zilsetzung vun dësem Projet natierlech ganz averstane sinn. A mir ënnerstëtzen dat och an dës Reegelung mécht och vum Prinzip absolutt Sënn. Mir hunn awer Problemer mam Detail vun de Bestëmmungen, an dës sinn dräi Punkten, déi ech wëll e bëssen ervirhiewen, wat mer do géife proposéieren.

Den éischte Punkt ass, dass dës Projet de loi net onbedéngt bewierke wäert, dass méi Personal do ass, wou méi Fleg gebraucht gëtt. An der Praxis ass et sou, dass en Haus vu 60 méi liicht flegebedürfte Residenten, also Flegegrad 1 bis 5, een zousätzleche Soignant muss op der Plaz hunn. Sou wäit, sou gutt. Mee en Haus, dat 59 liicht flegebedürfte Residenten am Haus huet an 29 schwéier flegebedürfte Residenten, mat engem Flegegrad also vu 6, dat heescht am Ganzen 88 Residenten, muss awer keen zousätzleche Soignant am Asaz hunn. Dat ass net onbedéngt logesch an net am Sënn vun den eelere Leit an ech ka mer net virstellen, dass dat esou gewollt war. An den Text dréit leider der Komplexitéit vun der Situatioun um Terrain net Rechnung.

Den Text misst an eisen Aen nach emol iwwerschaft ginn, fir dass d'Presenz vum Personal effektiv proportional zu de Besoinen vun de Residenten ass. Dat geet zum Beispill duerch Koeffizienter jee no Flegegrad oder och, andeems een de Personalschlüssel par rapport zu der Flegezeit vun de Residente festleecht, dee jo iwwert d'Assurance dépendance festgeluecht gëtt. Et ass schued, dass beim Gesetz déi haiteg Iwwerleeungen net berücksichtegt gi sinn.

An et ass och schued, dass elo d'Gesetz siwe Méint nom Vott am Schnellverfere muss ofgeännert ginn. Ech ginn dovun aus, dass trotz dësem Virgoen d'DP zu hirem Zil steet vun enger „héichwäerteger an transparenter Offer un Alters- a Flegeservicer“. Dat ass en Zitat vum Här Claude Lamberty a sengem mëndleche Rapport den 20. Juli d'lescht Joer hei an der Chamber. An ech ginn eigentlech och dovun aus, dass mer alleguerter fir dat Zil astinn.

Mir sinn eis eens: Zousätzlech Personal ass wichtig. Méi Personal garantéiert net nëmme, dass d'Leit allgemeng besser versuergt an encadréiert ginn, méi Personal an der Nuecht erlaabt et och zum Beispill, dass d'Leit bei klengen Problemer sur place an hirem gewinnten Ëmfeld kënnen en charge geholl a behandelt ginn. Et verhënnert eigentlech och, dass se jee nodeem musse mat der Ambulanz an d'Spidol bruecht ginn. A mir wëssen och, dass dat eeler Leit ka ganz schnell aus der Fassong bréngen, an et bréngt natierlech och aner Risikoe mat sech, wa se an e Spidol ageliwwert ginn. An och dës preventiven Aspekt sollt an d'Iwwerleeung mat afléissen, och wann et ëm déi néideg finanziell Mëttele geet.

An dat féiert mech och e bëssen zu deem zweete Punkt. D'Personal kascht an de Problem vun den zousätzlechen Käschte gëtt weeder am Gesetz iwwert d'Qualitéit vun der Struktur fir eeler Leit nach an dësem Projet de loi ugeschwat. Wann ee verhënnere wëll, dass et um Enn um Portmonni vum Resident hänkebleift, wier et wichtig, dass déi nei Obligatiounen och iergendwéi kënnen finanziert ginn, zum Beispill bei der Assurance dépendance iwwer en Tarif fir Nuetswaach oder och e Forfait, deen d'Haiser jee no Zuel an Ofhängegkeetsgrad vun de Residente kéinte verrechnen.

En drëtten a leschte Punkt ass natierlech d'Haaptkonditioun, dass mir effikass géint d'Penurie vum Flegepersonal virginn, dass mir et packen, méi Leit an déi Beruffer ze orientéieren, dass mir méi Leit ausbilden an hinne gutt Aarbechtskonditiounen garantéieren, fir dass si och bei der Staang bleiwen an hir Aarbecht mat Freed a Satisfaktioun kënnen maachen.

Dofir hunn ech d'Hoffnung, dass d'Majoritéit mat eis averstanen ass, dass op dësem Punkt muss nogebessert ginn, an dass si dofir eis Motioun matdréit, fir d'Gesetz nach eng Kéier op de Leescht ze huelen a gläichzäitig sécherzestellen, dass déi néideg finanziell Ressourcë fir d'Personal zur Verfügung stinn.

Schlussendlech ginn ech also heimat och den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'No-lauschteren.

### **Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

– *considérant la loi du 23 août 2023 portant sur la qualité des services pour personnes âgées ;*

– *considérant le projet de loi 8349 portant modification des articles 6, 101 et 106 de la loi du 23 août 2023 portant sur la qualité des services pour personnes âgées qui vise à « adapter les minima en termes de présences d'agents faisant partie du personnel d'encadrement requis dans les structures d'hébergement pour personnes âgées afin de tenir compte du degré de besoins en aides et de soins des résidents de chaque structure individuellement » ;*

– *considérant le libellé de l'article 1<sup>er</sup> du projet de loi 8349 portant modification des articles 6, 101 et 106 de la loi du 23 août 2023 portant sur la qualité des services pour personnes âgées qui ne permet pas d'atteindre l'objectif poursuivi par le projet de loi,*

*invite le Gouvernement à*

– *procéder à une évaluation des adaptations introduites par le nouveau projet de loi modifiant la loi du 23 août 2023 portant sur la qualité des services pour personnes âgées dans un délai de deux ans (notamment les effets sur l'évolution de la qualité des services, les coûts et la gestion du personnel) et adapter le cas échéant les minima en termes de présences d'agents faisant partie du personnel d'encadrement requis dans les structures d'hébergement pour personnes âgées pour qu'ils soient proportionnels aux besoins en aides et soins des résidents ;*

– *prendre les mesures nécessaires pour assurer le financement du personnel d'encadrement supplémentaire requis dans les structures d'hébergement pour personnes âgées suite à la mise en vigueur de la loi du 23 août 2023 portant sur la qualité des services pour personnes âgées ;*

– *élaborer et mettre en œuvre une stratégie visant à agir contre la pénurie de personnel soignant.*

(s.) Claire Delcourt, Marc Baum, Joëlle Welfring.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Delcourt. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Tom Weidig. Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, ech wëll mech kuerz halen. Mir begreissen déi Ännerung vum Gesetz, déi halt d'Situatioun um Terrain méi consideréiert. Ee Problem ass natierlech de Manktem u Personal, an dat ass natierlech ganz schwéier ze léisen, och weinst dem demografesche Wandel. Mir hunn net méi genuch Kanner a mir hunn ëmmer méi eeler Leit. An do ass et natierlech wichtig, dass mer do kucken, dass mer do vläicht och nach aner Initiative kréien. Duerfir begreisse mer och zum Beispill d'Iddi vun engem Volontariat. An an eiselem Walprogramm hu mer och zum Beispill e soziaalt Joer, dat mer proposéieren, wou d'Leit, och all déi Jonk zum Beispill, sech ee Joer laang fir sozial Zwecker asetze kënnen, fir datt do-duerch dann och eventuell dat professionellt Personal entlaascht gëtt an datt mer doduerch vläicht een Deel vum Manktem u Personal kompenséiere kënnen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Weidig. Elo ass d'Wuert fir d'Madamm Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Merci, Här President. Ech wëll et och kuerz maachen. Mir begreissen dës Gesetzesvorschlag fir de Betreuings-schlüssel, eeben och geméiss deem, wat de Secteur zum Deel eis matdeelt. D'COPAS huet dat jo och verlaangt. D'COPAS representéiert d'Prestatoren a wollt och, dass de Betreuungsschlüssel eeben net méi just op Basis vun der Unzuel vun de Better, mee och iwwert den Degré de dépendance géif an Zukunft gerechent ginn, wat jo och elo gemaach ginn ass. Dat ass, mengen ech, eng positiv Entwécklung. Och déi proposéiert Flexibilisatioun an déi Iwwergangssphasen, déi virgesi sinn, fannen ech ganz begreissens-wäert. An dann hu mer awer och haut en Avis kritt vum Conseil supérieur des personnes handicapées.

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech mengen, Madamm Welfring, Dir misst e weéneig méi haart schwätzen. Ech hunn Zeechen, datt d'Leit Iech net richtig héieren.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Ok.

**M. Claude Wiseler**, Président | Et deet mer leed, mee ...

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Nee, et ass net schlëmm. Ech hat gemengt, de Mikro wär méi staark. Ok.

**M. Claude Wiseler**, Président | Nee.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Et ass zousätzlech eeben och zum Avis vum Conseil supérieur des personnes handicapées, deen eréischt haut erakomm ass, wou och nach drasteet, dass déi Leit sech och Suerge maachen iwwert d'Qualitéit, den Impact op d'Qualitéit vun deenen Aarbechte ronderëm déi flegebedürfte Leit, och d'Sécherheet dovun, an dann op där anerer Säit awer och sech Suerge maachen iwwert déi méiglech Iwwerlaaschtung vum Personal. An dat ass och eng Ursach, wieso mer der Meinung sinn, dass et ganz wichtig ass, dass mer d'Effekter vun dësem Gesetz innerhalb vun zwee Joer scho géifen eng Kéier bewäerten, fir ze kucken, ob muss nogebessert ginn.

Voilà, an dofir kann ech heimadder meng Ënnerstëtzung dem Gesetz ginn, awer och der schonn adresséierter Motioun. Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Welfring. Dann ass deen nächsten ageschriwwene Riedner den Här Marc Goergen. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Jo, hei steet ee vun deenen zwéin, déi sech enthalten hate lescht Joer. Ech ka mech nach gutt erënneren un déi Diskussiounen, déi mer haten, an deemools war also zimmlech déi ganz Säit hei zimmlech rosen, dass dat Ganzt esou am Hauruckverfaren nach kuerz virun der Summerpaus duerchgebaatscht ginn ass, dës Gesetz, awer och aner Gesetzter. An ech mengen, d'Resultat gesitt Der elo.

E puer Méint duerno kommt Der schonn erëm heihin-ner an Dir hätt et gäre verbessert, zwar net verbessert zum Gudden, mee verschlechtert fir d'Clienten. Dir gitt erof, dass Der lo einfach emol sot ... Dir hutt deemools – virun de Walen huet dat bestëmmt gutt geklongen – gesot: „Mir maachen et op 30 Better.“ Elo halbéiert Der einfach emol, gitt Der emol hin a sot dann: „A kommt, mir maache lo mol nach 60 Better mam selwechte Personal, wa se an der Staf 1 bis 5 sinn.“ Dat nennt een dann eng Verschlechterung no der Summerpaus, no engem Gesetz, dat Der einfach emol sou schnell iwwert de Knéi gebrach hutt.



Well elo hutt Der jo eng Datz kritt als Regierung – oder déi viregt Regierung. Ech kann där neier de Kapp net wäschen, well déi hat deemools genau déi selwecht Meenung eigentlech wéi mir elo, dass et ze schnell gaangen ass, a se hunn och déi Positioun hei am Haus vertrueden, mee déi al Regierung huet eigentlech eng Datz kritt, well d'COPAS huet hinne gesot: „Dat geet guer net!“ Et feelen eis 310 Leit, fir dat iwwerhaupt ëmzesetzen, wat Dir deemools an deen Text do geschriwwen hutt. Et kléngt zwar gutt, ...

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Et geet awer nach ëmmer ëm d'Leit!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Et huet gutt geklongen ... Et geet ëm d'Leit, dofir reegen ech mech jo op, Madamm Cahen! Ech weess, Dir waart laang am Dossier mat dran an ech mengen, mir hunn och vill Diskussiounen doriwwer gehat. An et ass jo dat, wat mech opreegt. Dir hutt deemools net mam Terrain geschwat! An dat ass jo och dat, wat mer reprochéiert hunn, wéi Dir d'Gesetz hei deposéiert hutt.

Den Terrain ...

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Dat ass absolutt falsch! Mir hu permanent ... Mir hunn dat Gesetz mam Terrain zesumme gemaach. Dir sot hei Saachen, déi onwouer sinn!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Also, wann Dir d'Gesetz mam Terrain zesumme gemaach hutt, da froen ech mech, firwat den Terrain elo bei Iech komm ass a gesot huet, et wär net méiglech, dat ëmzesetzen.

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Well se net dat néidegt Personal fannen a gefrot hunn, dass do eng Adaptatioun gemaach gëtt.

(Brouhaha)

**M. Claude Wiseler**, Président | Sou, mir sinn net ...

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Da liest d'Gesetz, da gesitt Der genau, wat haut geschitt!

(Coups de cloche de la présidence)

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Also, Madamm Cahen, hutt Dir selwer gesot, dass dat, wat Dir geschriwwen hutt – ech mengen, Dir hutt et jo nach deposéiert an den Här Hahn huet et herno ëmgesat –, dat, wat Dir deposéiert hutt, net méiglech war. Dir gitt et jo selwer zou!

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Nee, et geet ëm d'Leit, dorëms, fir d'Leit ...

**M. Claude Wiseler**, Président | Madamm Cahen, ...

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Ma en huet mir eng Fro gestallt, Här President. Et geet drëms, dass mer d'Leit anstänneg versuergen. Dorëms geet et!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mee da gitt dach elo net erof!

**M. Claude Wiseler**, Président | Sou, et ass elo keng Diskussioun hei. Wann den Här Goergen eppes ze soen huet, da seet en et. Wann d'Madamm Cahen wëllt äntweren: D'DP huet nach Riedezäit duerno, si ka sech nach roueg aschreiwen, fir déi noutwendeg Äntwerten ze ginn. Här Goergen, maacht Är Developpementler faerdeg, wannechgelift!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | D'Madamm Cahen stéiert mech net. Ech verstinn awer, dass eng gewëssen Nervositéit kënnt, wann een esou eng Datz kritt.

(Interruption)

Ech fannen et jo eebe bedenklech an der Qualitéit, well Der elo vun deenen 30 op 60 Better gitt. Dat heescht, dat Personal, wat Der virdru wollt setzen, muss elo 60 Better betreien. An dat ass dat, wat mer Suerge mécht an der Qualitéit.

Dir hutt deemools eppes wëllen ëmsetzen, ouni mat deene Leit um Terrain ze schwätzen. An dat ass eent vun ... Mir hunn nach e puer aner esou Gesetzer gehat virun der Summerpaus, an dat heiten ass elo de Rateschwanz, deen hei nokënnt. Ech weess net, wat mer nach vu Gesetzer wäerte kréien, déi Der deemools schnell duerchgepeitscht hutt a wou Der Feeler gemaach hutt. Hei ass eent dovunner.

An ech maache mer hei wierklech Suerge, dass herno an den Haiser dat doten um Personal wäert hänkebleiwen. Well wann déi elo nëmmen nach d'Hallschent hu vum Personal, also duebel esou vill Leit musse betreien, sinn et herno déi Leit, déi d'Nuetsschicht maachen, déi duerno wäerten d'Leidtragend sinn.

An natierlech hutt Der Recht! Dir sot, Dir fannt kee Personal. Mee ech war net zéng Joer an enger Regierung fir ze kucken, dass de Beruff esou attraktiv ass, dass genuch Leit do sinn. Mee Dir awer!

Dofir wäerte mer eis haut och enthalen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Goergen. Dann ass et um Här Marc Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir haten eis net enthalen, mir hu fir dëst Gesetz gestëmmt gehat virun e puer Méint. Dat wäerte mer och dës Kéier maachen.

Mee et muss een awer zouginn, dass den Här Goergen effektiv e Punkt huet an deem, wat e seet, souwuel wat d'Vitess ugeet, wéi et dee Moment virun der Summervakanz votéiert ginn ass, wéi awer och elo d'Vitess, wéi een dat Gesetz, wat effektiv eréischt viru siwen, aacht Méint votéiert ginn ass, nach eng Kéier séier muss änneren opgrond – an dat ass effektiv richtig – vun enger Penurie u Personal, déi awer och net einfach esou vum Himmel gefall ass, mee déi een eigentlech och hätt kënne virusgesinn!

An déi Léisung, déi elo hei proposéiert gëtt, ass eng, déi am Bewosstsi vum der Penurie vu Personal eiser Meenung no och sénnvoll ass, nämlech de Personalschlüssel opzedeelen no de Bedürfnegkeete vun deene Leit, déi déi Fleg och brauchen.

Mee mir wäerten net aus där Fro erauskommen, wa mer deen zentralen Elefant, deen an der Dier steet, nämlech d'Penurie vum Personal, net seriö ugin. An duerfir brauche mer, mengen ech, och déi Analys vun deem Gesetz, d'Analys dovunner, wéi dat Gesetz wäert ëmgesat ginn an der Praxis. Duerfir ass awer och d'Fro, wéi sech domat elo d'Käschte wäerte weiderentwéckelen, d'Käschte vun deenen eenzelne Strukturen.

A virun allem mengen ech, dass et wichteg ass, dass mer un där eigentlecher Zilsetzung, nämlech d'Fleg vun deene Leit ze verbesseren an déi Verbesserung ze assuréieren, festhalen, wuel wëssend, dass et warscheinlech och an deenen nächste Méint a Joren net méi einfach wäert goen.

Mat deenen oder och mat anere kritesche Remarke si mir awer bereet, dës Ännerung matzedroen. Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Baum.

Dann huet d'Wuert elo: d'Regierung, den Här Familienminister.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Max Hahn**, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | Merci, Här President. Fir d'éischt e ganz grouse Merci un d'Rapportrice fir hiren éischte Rapport, dee se hei gemaach huet, d'Mandy Minella. Si war esou komplett, dass ech – an ech mengen, Här President, dat ass

esou gewënscht vun Iech – net méi brauch op den Detail anzegoen. An awer sinn e puer Saache gesot ginn, besonnesch elo um Schluss, déi net ganz richtig sinn, soudass ech awer nach eng Kéier verschidde Saache muss widderhuelen.

Et muss ee wëssen, wa mer haut e CIPA huelen a mer kucken, wéi d'Reglement haut a Kraaft ass, da seet dat, dass ee bis 100 Leit een Infirmier brauch, an doriwwer eraus nach eng Kéier eng Persoun derbäi, ob do 200, 300 oder 400 Leit am Haus sinn.

An deem neien Text soe mer direkt ab dem éischte Bewunner, dass direkt emol zwee Leit mussen do agesat ginn, een Infirmier an een Encadrant. An da soe mer nach, an dat ass jo dat Neit an dat Flott an deem heiten Text, an duerfir wollte mer dat heiten och änneren, do fält mir iwwerhaupt guer keen Zack aus der Kroun, fir dat ze maachen: Mir wollten net nëmmen eng Bettenunzuel kucken, mir wollte justement eng Fleegebedürftegkeet consideréieren!

Et ass dat, wat d'Madamm Delcourt zu Recht opgeworf huet. An dat maache mer jo mat deem heiten Text, andeems mer Tranchen definéieren. Fir déi Leit, déi dat am meeschte brauchen, dat heescht, déi eng Fleegebedierftegkeet hu vu 16 bis 15, soe mer, do maache mer d'Tranche méi kleng, do gi mer op 30er-Tranchen, a mer ginn op méi grouss Tranchë fir Leit, déi manner Fleegebedierftegkeet hunn, dat heescht Tranchë vun 1 bis 5.

Domat wäerte mer eng Augmentatioun hu par rapport zu de minimalen Ufuerderungen, wéi mer se haut kennen. An dat ass och gutt esou, well dat Ganz heescht Qualitéitsgesetz an et geet eis ëm d'Servicer fir déi eeler Leit, an do gehéieren och d'Wunnstrukturen derzou, an do gehéiert och d'Personal – an och d'Personal an der Nuecht – derzou.

Et ass e Gesetz, dat am Ganzen 108 Artikelen huet. Mir schwätzen elo iwwer ee vun deenen 108 Artikelen. Dat Gesetz gëtt elo duerch déi hei Adaptatioun, déi mer jo da wäerte maache – ech spieren eng ganz breet Zoustëmmung – sécher nach eng Kéier besser. Ech hunn et an der Kommissioun gesot. Do ass leider net jidderee present gewiescht, deen haut derzou geschwat huet. Dat ass awer, mengen ech, e wichtegt Argument, fir vläicht nach deen een oder aneren ze iwwerzeegen, fir et da matzestëmmen, well ech mengen, dat wier och e wichtegt Signal fir de Secteur.

Mir hu besonnesch an den Altersheemer iwwert d'Zil erausgeschoss mat deem Text, wéi mer e gestëmmt hunn, well et muss ee wëssen, dass mer haut bei Alters- a Fleegeheemer ëmmer manner Differenzen um Terrain feststellen. Firwat? Well d'Leit – an dat ass gutt esou an dat ënnerstëtze mir, déi viregt d'Regierung, och déi haiteg Regierung, an ech menge souguer kennen ze soen, alleguerten, déi mer heibanne sëtzen, ënnerstëtze mer dat –, wa se dat wëllen, esou laang wéi méiglech och doheim kënne gutt versuergt ginn.

Et ass esou, dass d'Leit nach tëscht dräi an engem hallwe bis véier Joer an der Moyenne an Alters- respektiv Fleegeheemer sinn, dat heescht, se bliewen esou laang wéi méiglech doheim. Dat heescht, d'Leit kommen domat forcement méi spët dohin a sinn da meeschtens och méi bedürfteg, méi fleegebedürfteg an deem heite Fall, wat derzou féiert, dass mer eigentlech tëscht de Populatiounen net méi dee Risenënnerscheed hunn, wéi mer et soss tëscht Alters- a Fleegeheemer haten.

An notament bei der Personalbeleeung vun den Altersheemer oder a Strukturen, wou d'Leit manner fleegebedürfteg sinn, an där hu mer hei am Land, hate mer däitlech iwwert d'Zil erausgeschoss. An da

muss een dat och akzeptéieren. An duerfir hu mer dat och bewosst an de Koalitiounsaccord gesat, dat hei unzepassen.

An heibanne si jo och Kollegeen, déi dat wëssen, déi och vum Terrain gesot kruten, dass dat dote si och viru grouss Erausforderunge géif stellen. Net, well méi Personal kënnt, well et kënnt méi Personal an den Nuechten, dat hunn ech Iech ugangs gesot, mee et war notament fir déi Haiser, wou manner fleegbedürfteg Leit dra sinn, iwwert d'Zil erausgeschoss ginn. An dat ännerer mer elo ëm, andeems mer net nëmmen eng Bettenunzuel kucken – well dat war dat, wat mer gemaach hu mat deem Text, dee mer am Juli gestëmmt hunn –, mee dass mer och der Fleegbedürftegkeet Rechnung droen, soudass ech denken, dass dat eng ganz gutt Saach ass.

Ech mengen, wa mer e bëssen d'Avisé kucken, déi erakomm sinn, da schwätzen déi jo awer och derfir, wat jo och d'Parlament hei deelt, dass dat heiten e Schrëtt zur Verbesserung ass. A wa mer bei Verbesserung sinn, ech hunn et hei am Juli gesot, wéi mer d'Gesetz gestëmmt hunn, an ech soen et hei nach eng Kéier: Dat heiten ass esou e wichtegt Gesetz, wou mer iwwer esou e wichtige Beräich schwätzen, dass et fir mech eng Selbstverständlechkeet ass, fir déi Evaluatioun no dräi Joer ze maachen! Déi Motioun gouf d'ailleurs gestëmmt, ech menge souguer vun deene 60 Deputéierten deemools, fir ze soen: „Mir maachen dat no dräi Joer.“ Jo, dräi Joer ass e kuerzen Delai! An awer sollte mer eis dee ginn, well mer wëssen, dass dat deen een oder aneren Afloss kann hunn.

Wann ech vläicht e Wuert direkt zur Motioun därer soen, déi d'Madamm Delcourt eragereecht huet. Nach eng Kéier merci dofir. Zweek Joer ass ze vill e kuerzen Delai, wann ee wëllt esou eng Evaluatioun maachen, dofir géif ech et dobäi wëlle beloossen. An ...

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

Gelif?

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Mir hate se awer dës Kéier op dräi Méint!

*(Hilarité)*

**M. Max Hahn**, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | A jo!

*(Brouhaha)*

**M. Claude Wiseler**, Président | Macht Äre Saz fäerdeg, Här Hahn!

**M. Max Hahn**, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | Wéi gesot, ech denken, deen Delai vun dräi Joer nom Akraafttriede vum Gesetz, wat jo elo den 1. März wäert de Fall sinn, ... Ech géif der Chamber proposéieren, dobäi ze bleiwen, och wat d'Repercussiounen da sinn.

Dir wësst, dee ganze Finanzéierungsmodell, wéi en elo ass, deen ass jo heimat net a Fro gestallt. Dat eent ass d'Assurance dépendance, dat anert ass iwwert de Pensiounspräis. Dat wäert natierlech och mat an der Evaluatioun beuecht ginn.

An dann ass nach deen drëtten Punkt an Ärer Motioun. Ech hu se elo net matbruecht, mee do frot Der eeben eng Strategie. Do géif ech mengen, et wär scho bal, ech weess, et ass e Wuert, dat net ganz beléift ass meeschtens an den Oppositionsreien, dat ass dat Wuert „superfetatoire“, well am Koalitiounsaccord steet genau dat, dass mer eebe grad sollen eis eng Strategie ginn, fir déi Beruffer, sief et am Santébsberäich oder och am Fleegerberäich, méi attraktiv ze maachen. An do ass natierlech och all Iddi wëllkomm. An dat ass eppes, wat mer natierlech wëlle ganz, ganz

seier ugoen, zesumme mat der Gesondheitsministesch, well mer wëssen, dass dat do e ganz wichtige Beräich ass, wou mer och déi nächst Joren nach weider wäerte Personal mussen astellen.

Dat ass eppes, wou déi viregt d'Regierung – ech kucken hei op déi fréier Gesondheitsministesch – vill Efforte gemaach huet. An awer wësse mer, dass dat eppes ass, wat net ophält. Dat ass e stännege Prozess, dass mer musse kucken, dass mer déi néideg Leit an deenen hei zwee ganz wichtige Secteure fannen.

Dëst gesot, soen ech Iech nach eng Kéier villmools Merci fir déi ganz breet Zoustëmmung.

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech soen dem Här Minister villmools Merci.

Domat wär dann eis Diskussioun ofgeschloss a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8349 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8349<sup>5</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8349 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration.

*(Brouhaha)*

Et si verschidden Ecranen, déi net fonctionéieren. Ech schlëssen de Vott elo of an dann hu mer zwee Stéck, déi mer bäiziele. Fin du vote.

Här Clement, wéi hutt Dir gewilt?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Abstention.

**M. Claude Wiseler**, Président | Abstention.

Dann hu mer eng Ofstëmmung mat 57 Jo-Stëmmen an 3 Abstentionen. Domat ass dës Gesetzestext mat 57 Jo-Stëmmen an 3 Enthaltungen ugeho.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Eten, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Cloener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig;*

*MM. François Bausch (par Mme Sam Tanson), Meris Sehovic (par Mme Joëlle Welfring), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus: MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori (par M. Marc Goergen).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

### **Motion 1**

Elo hu mer nach eng Motioun, déi d'Madamm Claire Delcourt erabruecht huet, hei um Dësch leien. Ech maache just drop opmierksam, datt a priori bei de Modèle-de-basë keng Zäit virgesinn ass fir d'Motiounen, well normalerweis beim Modèle de base net Motiounen erabruecht gi sinn, obwuel dat och net esou an eiem Reglement steet. Mee et ass zumindest keng Zäit virgesinn dofir. Well mer awer déi Motioun hunn a well se hei zum Text gehéiert, géif ech Iech bidden, ganz kuerz Stellung ze huelen, déi Leit, déi wëlle Stellung huelen. Madamm Delcourt, wollt Dir nach eppes kuerz driwwer soen? Dir hutt et schonn erkläert virdrun.

**Mme Claire Delcourt** (LSAP) | Jo. Här President, ech wollt eigentlech ganz kuerz eppes dann derzou soen. Ech hale mech dann och knapp. Jo, einfach just nach eng Kéier fir ze rappeléieren: Also hei sinn dräi Punkten, déi eigentlech e bëssen d'Regierung incitéieren, fir einfach nach eng Kéier driwwer nozedenken. De Minister Hahn huet zwar elo schonn am Fong Stellung dozou geholl, wat ech ganz appreciéieren.

Bon, ech wollt och nach e bëssen an d'Detailer goen, mee ech hoffen, dass jidderee se esou versteet, wéi se do steet. An ech beloossen et dann och dobäi. Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Delcourt. Wie wëllt d'Wuert heizou huelen? Den Här Goergen, den Här Weidig, d'Madamm Minella. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Mir hate just nach e klengen technesche Problem mam Mikro.

Se ass natierlech sympathesch. Et stinn awer och e puer Saachen dran, déi mech awer elo e bësse verwonnert hunn.

Ech mengen, d'LSAP war elo gefillt 70, 80 Joer an enger Regierung.

*(Hilarité)*

**M. Claude Haagen** (LSAP) | 120!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | 120. Merci, Här Haagen, dass Der ...

**M. Claude Haagen** (LSAP) | Et kommen der nach dobäi.

**M. Claude Wiseler**, Président | Dat ass elo kee Fait personnel, dat do. Dofir géif ech Iech bidden, ...

*(Interruption)*

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Dat ass nämlech gutt, Dir macht mäi Punkt nämlech nach méi staark.

*(Brouhaha)*

Déi éischt Motioun, déi Der da bréngt, ass, ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Claude Wiseler**, Président | Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | ... dass Der gär eng Strategie hätt géint d'Penurie vum Personal. Jo, kann ee maachen. Kann ee maachen. Ob et awer dat ass, wat politesch éierlech ass, wann ee grad aus der Regierung kënnt a virdrun esou laang d'Verantwortung hat an eigentlech hätt missen déizäit derfir suergen, dass mer haut net op deem Punkt wäeren, ... Well en plus ass et jo nach Äert Gesetz, wou mer driwwer geschwat hunn.

Duerfir kënne mer haut eis Zoustëmmung net ginn a wäerten eis enthalten. Merci.



**M. Gilles Baum** (DP) | Wëllkomm an der Majoritéit.

**M. Claude Wiseler**, Président | D'Wuert ass elo fir den Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Jo, also mir hunn dat duerchgelies an et ass ok fir eis. Ech mengen, do steet en Delai vun zwee Joer fir ze analyséieren. Ech mengen, no sechs Méint scho gesäit ee jo, ob dat mam Personalschlüssel fonctionéiert oder net. Ech mengen, do brauche mer keng dräi Joer derfir. An et ass ok. Bon, ech si vläicht e bëssen naiv, mee ech mengen, datt de Ministerium automatesch warscheinlech e Follow-up mécht an ech hoffen, datt se déi dräi Saache souwisou scho maachen. Mee ech mengen, et kann net schueden, dat explizitt nach eng Kéier ausformuléieren. An duerfir wäerte mir derfir stëmmen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Weidig. D'Madamm Minella.

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | Villmools merci. De Minister huet zu de Punkte vun der Motioun scho seng Erklärungen ginn. Dofir soen ech am Numm vun der DP-Fraktioun, dass mir dës Motioun net matstëmmen.

**Une voix** | O!

**M. Claude Wiseler**, Président | Madamm Morgenthaler.

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV) | Merci. Ech hat virdu schonn a mengen Ausföerunge gesot, dass mer hannert där Motioun, déi beim éischte Vott scho war, géife stoen. An dofir géife mer bei dëser och dergéint stëmmen.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dir kënnt Iech och mat eis enthalten. Dat ass kee Problem.

(Hilarité)

**M. Claude Wiseler**, Président | Den Här Marc Baum huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, et ass eng Motioun, wéi mer der ganz dacks hei hunn an déi effektiv Sënn mécht, déi engersäits eng Evaluatioun freet, ... Ob dat elo zwee oder dräi Joer sinn, dat ass awer elo, mengen ech, wierklech e bësse Méckepéilerei, virun allem, well effektiv, wéi de Mars Di Bartolomeo virdu zu Recht gesot huet, no dräi Méint konnt dat hei esou evaluéiert ginn, datt een huet missen Ännerunge maachen, soudatt ech mengen, datt déi zwee Joer awer rasonabel sinn.

Et geet awer virun allem och drëm, fir Mesüren ze huelen, wat de Finanzement ugeet, an déi grouss Fro vun der Strategie, do ass et müssseg, mengen ech, ze soen, wien an der Majoritéit a wien an der Opposition ass, well et ass nämlech och eng Fro, déi net nëmmen de Familljeministère betrëfft. Et ass och eng Fro, déi de Santéministère betrëfft. Evidenterweis, esou Strategien ... Wat d'Penurië vu Personal ugeet, ass et iwwerhaapt bei sozioedukativem Personal, wou mer am Moment zu Lëtzebuerg grouse Mangel hunn. A wat de Mangel méi grouss gëtt, wat de Besoin vun enger Strategie och méi grouss gëtt, soudatt ech mengen, datt déi dräi Punkten, déi d'Madamm Delcourt hei opgeschriwwen huet, absolutt Sënn maachen. An duerfir wäerte mir dat hei och ënnerstëtzen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Baum. Dann huet nach d'Madamm Welfring d'Wuert gefrot.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Jo, merci. Ech probéieren, dës Kéier méi haart ze schwätzen. Mir kënnen dës Motioun natierlech matënnerstëtzen. Ech denken, dass et ganz wichteg ass, wéi ech virdu gesot hunn, dass mer hei en An drop behalen, wéi dat Gesetz sech ëmsetze léisst, dass mer och op

de Secteur lauschteren, souwuel déi Leit, déi an de professionelle Strukture schaffen, wéi och déi Leit, déi do betreit ginn, well soubal do eppes net richtig leeft, muss och reagiert ginn. An ech denken, dass et dofir net kann dräi Joer daueren an dass een an der Kommissioun och muss reegelméisseg do de Bilan maachen innerhalb vun deenen dräi Joer, well ech mengen, soss lafe mer do awer a Problemer eran, wann do muss korrigéiert ginn.

Voilà, merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Welfring. Ech gesinn elo keng weider Wuertmeldung.

Da géife mer zum Ofstëmme vun dëser Motioun kommen.

#### Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass elo ofgeschloss.

(Brouhaha)

Ech hunn hei stoen: Jo-Stëmmen: 22, Nee-Stëmmen: 34 – dann zielen ech der Madamm Kemp hir derbäi –, 35, an Abstentiounen: 3. Dës Motioun ass also ofgeleent mat 35 Nee-Stëmme géint 22 Jo-Stëmmen an 3 Abstentiounen.

*Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 23 voix pour, 34 voix contre et 3 abstentions.*

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt épouse Kemp;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig;*

*MM. François Bausch (par Mme Sam Tanson), Meris Sehovic (par Mme Joëlle Welfring), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non: Mme Diane Aehm, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel.*

*Se sont abstenus: MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori (par M. Sven Clement).*

### 13. 8282 – Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Cabo Verde pour l'élimination de la double imposition en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et pour la prévention de l'évasion et de la fraude fiscales, et du Protocole y relatif, faits à Luxembourg, le 13 janvier 2022

Nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 8282 iwwert d'Konventioun tëscht Lëtzebuerg an dem Cap Vert iwwert d'Ofschafe vun der duebeler Besteuerung an d'Preventioun vu Steuerhannerzüung. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeloet

an deemno folgendermoossen opgedeelt: 10 Minutten fir de Rapporteur, 5 Minutten fir jiddwer Fraktioun a Sensibilitéit an 10 Minutten fir d'Regierung. Et si schonn ageschriwwen: den Här Guy Arendt, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An elo huet de Rapporteur, den honorabelen Här Laurent Mosar, d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Finances

**M. Laurent Mosar** (CSV), rapporteur | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm an Här Minister, an dësem Projet de loi geet et drëms, dat Duebelbesteuerungsofkommes mam Cap Vert ze approvéeieren. Dëst Ofkommes ass a sech schonn den 13. Januar 2022 ënnerschriwwen ginn.

Et ass en extreem wichtegt Ofkommes, och am Kontext vun de bilaterale Relatiounen – déi, wéi Der alleguerter wësst, exzellent sinn – zwëschent dem Cap Vert a Lëtzebuerg. Et sief och nach bemierkt, datt de Cap Vert e Pays cible vun eiser Kooperatioun ass. An an deem Sënn ass och sécherlech dësen Accord en nützlich Instrument.

Ausserdeem hu mer eng grouss kapverdianesch Communautéit och an eisem Land. An an deem Sënn ass och dësen Duebelbesteuerungsaccord vu grousser Wichtigkeet.

A sech ginn an dësem Accord d'Virgäbe vun der OECD ëmgesat. Dat sinn ëmmer déi traditionell Virgaben, déi mer och an deenen aneren Duebelbesteuerungsofkommesen erëmfannen. Allerdéngs ass dat heiten en Accord vun der neier Generatioun an deem Sënn, datt och d'Fong mat dra sinn, wat jo och fir d'Finanzplaz net onwichtig ass.

Zu den Avisen. D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis dëst Duebelbesteuerungsofkommes begreiss. De Staatsrot huet a sengem Avis keng weider Umierkungen zum Inhalt gehat.

Wat elo d'Prozedur betrëfft, ass dës Projet de loi den 20. Juli 2023 vum Ausseminister deposéiert ginn. Den Avis vun der Chambre de Commerce koum den 10. Oktober 2023 (veuillez lire: de 25. September 2023). An der Finanzkommissioun vum 19. Januar 2024 gouf de Projet presentéiert. Ech gouf zum Rapporteur ernannt a mir hunn och do den Avis vum Staatsrot a vun der Chambre de Commerce examinéiert. An de Rapport gouf an der Kommissiounssitzung vum 2. Februar 2024 ugeholl. Souwäit dat, wat mäi Rapport betrëfft.

Dann dinn ech, Här President, och kuerz meng Kap als mandatéierte Spriecher vun der CSV un, fir nach eng Kéier ze bemierken, datt mir natierlech als Fraktioun dëst Ofkommes ausdrécklech begreissen. Et ass wichteg, datt mer domadder och d'Netzwerk vun den Duebelbesteuerungsofkommesen, déi eist Land mat senger Partnerlänner mécht, méi grouss maachen.

Ech mengen, mir sinn eis och allegueren eens, datt d'Duebelbesteuerungsofkommes e wichtegt Instrument vun der Attraktivitéit a vun der Kompetitivitéit vun eiser Lëtzebuergescher Wirtschaft ass. A mir begreissen, datt an Zukunft och nach weider esou Ofkommesen mat anere Partnerlänner wäerten ofgeschloss ginn.

Dëst gesot, ginn ech heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun an ech soen Iech Merci fir Är Opmerk-samkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Mosar, fir Är schrëftlechen an Äre mündleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Guy Arendt. Här Arendt.